

Muer gesäis de dat alles nees anescht

Den Dokter knipst d'Liichtchen aus. Hie kuckt de Bob e wéineg verwonnert an d'Gesicht.

„Has d'eng Kläpperei? Däin Trommel-fell as geplazt; nët méi an nët manner!”

De Bob läit doheem um Bett. Séng Medikamenter stin um Nuetsdäsch. T as nomëtteg véier Auer. All Kéier, wann e bal entnäipt as, dimmert e Flijer iwwert den Haff. D'Péng huet sech eppes gin. Séng Roserei nët. Dat do bezillt säi Papp em rëm.

De Bob hat d'Bella gëschter um Motorad matbruecht. Fir d'éischt. „Fir d'lescht”, sot säi Papp. Säi Papp a séng Mamm waren am Stall. De Bob huet „moie” gesot, mä si hun nët geäntwert. Hie sot nach eng Kéier „moien”, an du huet säi Papp gemengt, et wir well Owend.

„Da's d'Bella”, sot de Bob.

„An?” sot säi Papp.

De Bob sot: „Maacht iech nët sou!”

Séng Mamm frot: „Schwetzt et lëtze-buergesch?”

D'Bella huet selwer geäntwert: „Mäi Papp a méng Mamm si schon hei op d'Welt komm”.

A wéi di Al näischt drop geäntwert hun, sot de Bob: „D'Bella as an Emstänn”.

Du kouw säi Papp hannert dem Auder vun der Kou raus an huet dem Bob eng geklaakt, datt deen d'Stäre gesouch.

„As dat alles wats de kanns?”

D'Mamm sot: „Kommt an d'Stuff!”

De Papp sot: „Ouni mech!”

Dem Bob säin Ouer huet mörderesch gepeffert.

* * *

Dat bezillt en rëm! Wann en lo rakéim, kritt en se rëm. De Bob huet zwanzeg Joër, dat léisst en sech nët méi bidden. T as schon ugaang virun engem Mount, wéi d'Mamm vum Bella wands krut. Nët, datt d'Bella an Emstänn wir, dat woussst d'Bella du selwer nach nët.

„Fënds de keen anert, as wéi e Bier?”, huet säi Papp gebirelt.

De Bob huet him de Bass gehal a gefrot, op hie vum Mound kéim. D'Bella wir keen Tiirk a keen Neger; kee Mënsch geséich d'Italiéiner nach als Friemer un, a scho guer nët wann se well laang Lëtzebuurger wiren.

D'Mamm huet zum Papp gehal: „Du weess jo näischt vun deenen. Vu wou kommen se hir? As keng Kränkt an där Famill? Wat waren d'Grouselteren?”

„Abruzzeraiber oder Faschisten”, huet säi Papp dropgin.

„Du bas selwer e Faschist!”, sot de Bob, an du hat et bal eng éischte Kéier gerabbelt. Den Haff bräicht e Bauermeedchen, huet de Papp gesot. E sot nët, e lëtzebuurger Bauermeedchen, mä geduecht huet en et.

Den Haff! De Bob woussst genee, datt den Haff hannert der Stad a sauschlechten Dicher stéich. Nach virun engem Joër sot säi Papp selwer, 't wir besser, e géing d'Klëppele

bei d'Tromm geheien a bei d'Amerikaner schaffe gon. Viru kurzem huet en en neie Subsid kritt.

* * *

Dem Bob séng Mamm kënnt an d'Kummer.

„Hues du dem Papp dat op den Trakter gepecht, «Lëtzebuerg de Lëtzebuurger»? En as schwäiwëll, maach dat nees wech!”

De Bob kuckt op d'Beem baussent der Fëenster.

„Soll hat d'Kand och nees wechman?”

Séng Mann äntwert nët a kënnt méi no: „Wéi as et mat déngem Ouer?”

De Bob dréit sech op déi aner Säit: „Ech héieren näischt op deem Ouer”.

Séng Mamm leet him den Diwwi iwwert d'Been: „Schlof lo, muer gesäis de dat alles nees anescht”.

En héiert de Papp d'Trap rop kommen. Lo steet en an der Dir.

„Konnt dat keng Pëll huelen? Dräidau-send Frang de Mount kritt et, kee Sou méi! An ni méi hei ran, héiers de?!”

De Bob kuckt him riicht an d'Gesicht: „Du kriss dat do alles rëm!”

De Papp as schon nees bei der Trap. Do bleift e ston a rifft zréck: „Hei muss e ch nach ëmmer alles berappen!”

D'Mamm seet: „De Papp weess, wat e seet; schlof lo!” Da geet se.

T kënnt nees e Flijer iwwert den Haff.

josy braun

